N°7574
Entrée le 09.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 09.02.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/02/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Aarbecht weiderzeleeden.**

Eng ganz Réi Patienten hei am Land gi mat medezineschem Cannabis behandelt. Bei verschidde Patienten ass de gesondheetlechen Zoustand gutt genuch fir schaffen ze goen. Si mussen awer hiert Medikament kënne wärend der Aarbechtszäit anhuelen, wat bedeit, dass betraffe Persoune Fëmmpause musse maachen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann de Patron engem Aarbechter verbidden, fir säi medezinesche Cannabis anzehuelen? Wa jo, ënner wei enge Konditiounen?

2. Wat fir Aarbechte sinn am Prinzip net mam medezinesche Cannabis vereenbar?

3. Wat gëtt am Fall gemaach, wou d'Indikatioune vum Dokter net mat der Aarbecht vum Employé vereenbar sinn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten